LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Mobilité
et des Travaux publics

**Äntwert vum Minister fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten op d'parlamentaresch Fro n° 6558 vum 27. Juli 2022 vum Här Deputéierten André Bauler.**

- Op der Gare zu Ettelbréck besti Korrespondenze vu Buslinnen op de Schnellzuch an op de Bummelzuch. Dozou wëll ech nach bemierken, dass d’Linne fir d’Ubannung un d’Ettelbrécker Gare vertakt geplangt goufen. Doduerch bestinn op den Haaptachsen eng besser Verdeelung vun de Bussen an domat eng besser Offer fir de Client am ländleche Raum. Zudeem vermeide mir doduerch eng Pulkbildung vun de Busser an der Nordstad. Bei e puer Linnen ass dowéinst den Horaire op de Regionalzuch ugepasst ginn. Fir d’Linn 136 trëfft leschteren Zenario zou. Doriwwer eraus bestinn och nach weider „Bus – Bus“ Korrespondenzen am ländlech Raum déi musse respektéiert ginn.

- Wat déi betreffend Linn 134 am RGTR Reseau ubelaangt, sou gouf – op eng Ufro vun der Gemeng Esch-Sauer hin - versicht eng Korrespondenz zu Heischent vun der Linn 134 op d’Linn 130 unzeleeën, fir dass d’Awunner vun Eschduerf d’Méiglechkeet hunn op Wooltz ze kommen. Dëst huet zur Folleg, dass zu Ettelbréck op der Gare d’Korrespondenz net op den Expresszuch agehale ka ginn.

- Déi al Linn 550 Ettelbréck – Schlënnermanescht ass net wechgefall. Sie gouf duerch d’Linn 136 Ettelbréck – Konstem ersat, déi dee selwechten Tracé wéi déi al Linn 550 huet, ausser dass se nach weider bis op Konstem fiert.

Lëtzebuerg, den 1. September 2022

De Minister fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten

(s.) François Bausch